

prezis erëm. Et bleibt eiser Liesaart no e groussen Interpretationsspillraum, deen et erlaabt, d'Definition vum der Onlinepublication méi breet ze faassen, wéi et vun der Regierung initial gewollt war. Well mir Piraten awer och mat enger méi breeder Definition vum Begrëff vum der Onlinepublication averstane sinn, ass dëst awer fir ons kee Grond, fir dëse Projet net matzestëmmen.

Wat mir awer bedauerlech fannen, ass och, dass net kloer festgehal goug, wéi genee e Verweis op eng Äntwert bei enger Video- oder Audiopublication gekennzeechent muss ginn. E winzege Link iergendwou am Video ënne riets oder ënne lénks ka ganz bewusst placéiert ginn, soudass keen et richtig gesäit. Dat kann en Droit de réponse ënnergruewen, an dee Punkt soll an eisen Aen dofir bei de geplangte Reformen och nach eemol consideréiert ginn.

Här President, trotzdem féiert de virleienden Text zu enger Verbesserung vun der aktueller Situatioun, an dowéinst ginn ech och heimadder den Accord vun de Piraten.

Merci.

**Plusieurs voix** | Ganz gutt!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Polidori. An dann ass d'Wuert fir den Här David Wagner.

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Merci, Här President. Jo, et ass net de grouesse Worf, deen heite Projet de loi, dat muss een zouginn. Den Här Polidori huet jo och eng Partie Kritikke gemaach. D'ALIA hat jo och kritizéiert a gesot, et misst een awer weinstens eng Definition vum der Publication en ligne ginn, an d'ALIA huet souguer eng virgeschloen. Bon, allgemeng gesot, hunn ech den Androck, datt d'ALIA heiansdo souwisou net ëmmer ganz seriö geholl gëtt.

An ech mengen, et ass eng aner Diskussioun, déi mer eng Kéier missten hei an dëser Chamber féieren, iwwer d'Konzeption vum Meedienministère iwwerhaupt, seng Konzeption, déi en huet vu Pluralismus, vu Meediepluralismus, sief et an der geschriwwener Press, mee och an der audiovisueller Press. Ech hunn den Androck, datt et do net onbedéngt, a mengen Aen, déi beschte Konzeption gëtt. Dat ass eng Diskussioun, déi mer onbedéngt eng Kéier musse féieren.

Duerno, jo, voilà, mir stëmmen deen heite Projet de loi och mat. Et ass ëmmerhin eng Verbesserung. Et reduzéiert sech natierlech zurzäit nëmmen op d'Publications en ligne vun den Zeitungen, déi mer kennen.

Ech wollt soen, ech war och 10 Joer laang Journalist. Ech ka mech erënneren, ech krut och warscheinlech dräi Droit-de-réponses, vläicht méi. Ech hunn ni eng opgefouert, fir se ze publizéieren. Ech mengen, et ass eng Eier vum Journalist, fir en Droit de réponse ze erlaben. Dat mécht net all Zeitung esou. Ech ka mech erënneren, datt mir selwer eng Kéier en Droit de réponse gefrot hunn, well eng Zeitung – ech nenne se net mam Numm – gemenzt huet, eise Vott aneschers duerststellen, wéi en a Wierklechkeet war. An et war net bei enger Lappalie. An et ass ëmmer schued, wann ee seet: „Hei, mir wëllen en Droit de réponse“, an, voilà, déi Zeitung mécht esou, wéi wann näischt wier. Hautzudaags kann een dat natierlech ëmgoen, och iwwer sozial Reseauen, mee awer en Appell: Et brauch ee sech net ze schummen, fir sech als Journalist ze ieren oder eppes falsch verstanen ze hunn. Dat gehéiert derzou.

Et ass och gesot ginn, et ginn e puer Reforme gemaach, wat de Presserot ugeet. De Presserot huet eng ganz grouss a wichteg Missioun, zumools elo deemnächst, well jo zwee Projet-de-loien – oder respektiv souguer Avant-projet-de-loien – existéieren

zur Pressehëllef an och zum Informationszougang. A justement den Objet, d'Zil, d'Missioun vum Presserot ass et – an der Plenièr natierlech, net am klengen Komitee, mee an der Plenièr –, esou Saachen ze diskutéieren. An ech si ganz gespaant ze gesinn, wat d'Journalisten innerhalb vum der Plenièr vum Presserot wäerten ze soen hunn zu deenen zwee Projet-de-loien, déi si direkt betreffen, ob dat wierklech wäert d'Aarbecht vun de Journalisten hei zu Lëtzebuerg erliichteren oder ob dat näischt wäert änneren. Dat gëtt nach eng ganz spannend Diskussioun, déi mir och wäerte verfollegen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Wagner.

Dann ass elo d'Wuert fir d'Madamm Ministesch.

### **Prise de position du Gouvernement**

**Mme Elisabeth Margue**, Ministre déléguée auprès du Premier ministre, chargée des Médias et de la Connectivité | Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, fir d'éischt géif ech gär dem Rapport, dem Här Félix Eischen, Merci soe fir säin detailléierte Rapport. Dat erlaabt mir et, net mussen op all Element dovunner anzegoen.

Ech wollt awer nach eng Kéier kloer ënnersträichen, datt d'Liberté d'expression ee vun de Grondpiliere ass vun eiser Demokratie. An deementspriedend ass och den Droit de réponse e Bestanddeel vun der Meinungsfräiheet. Et ass d'Recht fir jiddwereen, deen an enger Publication ernimmt ass, fir dorop ze äntweren. Dir hutt all gesot, Dir wäert d'accord mat dësem Gesetz. Dat freet mech. An Dir hutt och all zu Recht soulevéiert, datt nach eng Rei Chantieren en cours sinn.

Ech wollt Iech awer kuerz erklären, firwat mer dat hei gemaach hunn, well mir hunn am Fong hei och reagéiert op en Arrêt vun der Cour d'appel, dee consideréiert huet, datt den Droit de réponse sech nëmme bei enger Publication périodique applizéiert an datt eng Onlinepublication net dorënner fällt. An ech mengen, datt et awer wichteg ass, datt mer hei déi punktuell Nobesserung maachen, fir och kloerzestellen, datt bei enger Publication en ligne och den Droit de réponse spillt, fir datt deen och kann exercéiert ginn.

Wéi gesot, mir schaffe parallell un enger Rei anere Reformen. An eng Rei vun deene Froen, déi opgeworf ginn, wäerte sech och stellen am Kader vun der Reform iwwer d'Médias électroniques vun 1991. Do hu mer elo e Cycle de conférences ugefaangen, wou eeben och eng Rei Konferenz gemaach ginn, dont notament och eng iwwer d'Anonymat, wou déi Froe sech stellen, an och iwwerhaupt iwwer de Champ d'application vun esou engem Gesetz a vun den Onlinepublicationen. Dowéinst, Dir sidd häerzlech invitéiert, Iech an deem Kontext anzubringen.

Dat hei, deen Droit de réponse, dee bezitt sech, wéi gesot, op de Champ d'application vun dësem Gesetz. Dat heescht, do si mer dann am Kader, wéi gesot, vun engem Editeur, wat awer net verhënnert, datt mer eis Reflexiounen weider musse féieren, fir iwwerhaupt ze kucken, wéi mer ëmgi mam Contenu op de soziale Meedien.

Ech soen Iech villmools Merci fir déi breet Ënnerstëtzung.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Madamm Minister. Domat wäre mer dann um Schluss vun eiser Diskussioun ukomm.

A mir géingen zum Vott kommen. Ech erënneren Iech nach eng Kéier drun, datt Der Iech musst aloggen, wann d'Ofstëmmung elo kënnt. An da komme mer

zur Ofstëmmung iwwer de Projet de loi 8128. Den Text steet am Document parlementaire 8128<sup>10</sup>.

### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 8128 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmmen an deemgemääss keng Nee-Stëmmen a keng Abstentioun. An dofir ass dëse Projet also mat 60 Jo-Stëmmen ugehall.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen (par Mme Stéphanie Weydert), Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. Gusty Graas), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schockmel;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert (par M. Georges Engel);*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig;*

*MM. François Bausch, Meris Sehic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring;*

*MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens zum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

## **10. 8204 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 27 juillet 1991 sur les médias électroniques**

An da komme mer elo zum Projet de loi 8204, enger Ofännerung vum Gesetz iwwer déi elektronesch Meedien. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an d'Riedezäit ass genau déi selwecht wéi beim Projet virdrun. An et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Félix Eischen, d'Madamm Francine Closener, den Här Tom Weidig, den Här François Bausch, den Här Ben Polidori an den Här David Wagner. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Guy Arendt. Här Arendt.

### **Rapport de la Commission des Médias et des Communications**

**M. Guy Arendt** (DP), rapporteur | Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, Madamm Minister, mat dem Projet de loi 8204 soll de legale Kader vun den elektronesch Meedien, deen aktuell zu Lëtzebuerg gëllt, ugepasst ginn, fir den Ausbau vum DAB+, dat heescht dem digitale Radio, ze erméiglechen.

Allgemeng sollen d'Infrastrukture fir d'Radiodiffusion moderniséiert ginn, fir esou d'Offer u Radioprogrammer zu Lëtzebuerg kënnen ze vergrësseren an och d'Couverture, also wéi gutt déi eenzel

Regiounen am Land ofgedeckt sinn an dës Servicer ubidde kënnen, fir déi Radiosenderen, déi aktuell potenziell net iwwerall gutt accessibel sinn, ze verbesseren.

Fir den Ausbau vum DAB+ ze erméiglechen, brauch et am Gesetz virun allem dat, wat ee géif technesch Upassungen, Ännerungen nennen. An dësem Fall gëtt et dräi prezis Zilsetzunge vum dësem Text:

Eemol muss eng legal Basis geschafe gi fir d'Verdeelee vun den néidege Lizenze fir d'Diffusioun vun enger digitaler Radiosoffer. Déi muss eeben, wéi gesot, geschafe ginn. D'Attributioun vun den néidege Lizenzen ënnerläit dem zoustännige Minister, deen am Beräich vun der Radiokommunikatioun an dem ganze Spectre radioélectrique zoustänneg ass.

Dann, zweetens, mussen och Reegelen opgesat gi fir d'Radios sonores, also déi klassesch Radiosenderen, FM, wéi mer se nennen, fir eng digital Offer unzibidden.

An drëttens: D'Dispositiounen, déi d'Erwaardungen un d'Lokalradioen definéieren, mussen un dat neit Ëmfeld ugepasst ginn.

Nieft dësen Aspekter gesäit de Gesetzesprojet nach e puer weider punktuell Verbesserunge vir. Esou kënnen beispillsweis d'Lokalsenderen den Ament nëmmen eng Erlabnis ufroen, dat heescht, si hunn am Moment d'Erlabnis, fir ee Sender ze exploitéieren, also hire lokalen, klassesche Radiosender.

Da sinn den Ament och technesch Vernetzungen an de Regruppement vu verschiddene lokalen Déngschter verbueden.

Dat alles widderspricht u sech dem Wëllen, d'Distributioun vun zousätzleche Lizenze fir den digitale Radio erauszeginn. Deemno mussen an de bestoenden Artikelen déi néideg Upassunge gemaach ginn, an de Projet de loi 8204, dee mer haut traitéieren, gesäit dann och Ausnameregelunge fir dës speziell Fäll vir.

Zum Text an den Avis ganz kuerz: Den initialen Text ass de 24. Abrëll 2023 vum deemolege Meedeminister Xavier Bettel deposéiert ginn a gouf an d'Kommissioun vun der Digitalisatioun, de Meedien an der Kommunikatioun verwisen.

Avis sinn erakomm. Engersäits vun der Chambre de Commerce. De Projet gëtt vun hinne positiv ugeholl, souwuel an hirem éischte wéi an hirem Avis complémentaire.

Da vun der ALIA. D'ALIA ass do méi kritesch un de Projet de loi erugaangen. Si stellt nämlech virun allem d'Fro, ob den DAB+ net schonn iwwerholl ass, well verschidde Länner vum DAB+ erofkommen. Des Weidere freet se, dass d'Kompetenzen am Verdeelee vun de Lizenze solle regruppéiert ginn.

An natierlech den Avis vum Staatsrot. Och hei gouf et en zweete complementairen Avis. D'Oppositions formelles, déi am éischten Avis ausgeschwat gi waren, ware gréisstendeels baséiert op d'Utilisatioun, d'Benotzen, vum Verb „pouvoir“, wat an eenzelnen Artikelen benotzt gi war. Well awer d'Matières réservées à la loi concernéiert waren, sinn dunn déi néideg Upassunge gemaach ginn an den Text gouf vum Staatsrot a sengem Avis complémentaire ugeholl, andeems hie seng Opposition-formellen opgehuewen huet.

Dës gesot, géif ech fir all weider Detailler op de schrëftleche Rapport an d'Dokumentatioun zum Dossier verweisen.

Ech ginn heimadder den Accord vun der DP-Fraktioun an ech soen all deenen, déi hei matgeholfen hunn, an Iech alleguer fir d'Nolauschteren e grouse Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Arendt, fir Äre mëndlechen a fir Äre schrëftleche Rapport.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Félix Eischen. Här Eischen, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

**M. Félix Eischen** (CSV) | Merci, Här President. Jo, et ass bal e Quantesprong, dat kann een esou soen, fir d'Radioslandschaft hei zu Lëtzebuerg. An et gëtt ganz sécher där Landschaft eng frësch Dynamik. An dat ass och déck néideg, wann ee weess, dass dës Upassung elo un d'Gesetz vun 1991 geet. Dat ass scho ganz laang hier. Also, et ass wichteg, dass dat do gemaach gëtt.

Den honorabelen Här Arendt war awer esou explizitt, kloer a verständlech, dass een näischt méi muss dozou soen. En décke Merci. An domadder ginn ech dann natierlech den Accord vun der CSV-Fraktioun. Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Eischen. Madamm Closener.

**Mme Francine Closener** (LSAP) | Jo, villmools merci. Effektiv ass et héich Zäit ginn, fir dat hei unzepaszen. Déi Fro, déi sech awer stellt, ass: Wéini kënnst dee Changement zerguttst? Mir haten dat an der Kommissioun schonn eng Kéier gefrot. An anere Länner gëtt et e festen Termin, wéini komplett op DAB+ ëmgestallt gëtt. Bei eis gëtt et deen Termin nach net. Vläch weess d'Ministesch haut méi.

An natierlech ass och d'Fro ganz wichteg, wéini déi zwee Systemer parallel solle lafen an eeben och, wéi dat soll fonctionéiere bei deene klengen, lokale Radiosenderen. Do wëll d'Regierung jo eng Ënnerstëtzung ginn. Do wiere mer frou, nach e puer Detailler ze héieren.

Fir de Rescht gi mer och den Accord fir dës Projet de loi. Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Madamm Closener. Här Weidig.

**M. Tom Weidig** (ADR) | Jo, mir wäerten dës Projet och matstëmmen. Den digitale Radio bitt en principe vill méi Méiglechkeete fir eis Radiolandschaft, souwuel qualitativ wéi och quantitativ. Ob sech dat elo wierklech duerchsetze wäert, e grouse Succès huet, dat wäerte mer gesinn, well natierlech um Internet och vill quasi radiolike Saache scho fonctionéieren, wéi Podcasts an esou weider. Do sinn ech elo bësse skeptesch, mee mir stëmmen dat mat an ech hoffen awer och, dass et e Succès gëtt.

Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Weidig. Här Bausch.

**M. François Bausch** (déi gréng) | Jo, merci, Här President. Mir stëmmen dee Projet natierlech och mat, well et ass e Fortschritt, op dee Beräich iwwerzegoen. An ech wëll och nach eng Kéier rappelléieren, dass et der hei gëtt, haaptsächlech kleng Radioen, déi awer wichteg sinn an eiser Landschaft, déi sech etabléiert hunn zu Lëtzebuerg, dass déi hei net ënnert d'Rieder geroden, well deen Invest jo awer grouss ass. Bon, d'Regierung huet eis versprach, dass se dat géing am A behalen. Ech hoffen, dass dat dann och klappt, net dass dat zu engem Stierwe féiert vu méi klengen Radiosstatiounen.

Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Bausch. Här Polidori.

**M. Ben Polidori** (Piraten) | Här President. Jo, bon, mir hunn hei vun engem Quantesprong geschwat. Bon, den DAB+ ass elo keng Technologie, déi gëscht eréischt entdeckt gouf. Déi ass schonn e bësse méi laang do. Ech denken, et gëtt Zäit, dass mer se enfin hei am Land wäerten en place setzen. An et ass scho vill gesot ginn, ech hoffen an deem heite Kontext och, dass mer déi kleng Radiosenderen hei net vergiesen, well ech mengen, et sinn déi, déi hei déi gréisst Aarbecht wäerten hunn, fir sech ëmzestellen.

An nienwendrun, mir wäerten dës Projet och matstëmmen, well mer och soen, onofhängeg vun der Consummatioun vun aktuellen Internetradio, déi awer zouhëlt, huet awer nach ëmmer net jiddereen hei am Land eng Internetverbindung um Handy oder och doheem. An dowéinst ass et awer wichteg, dass mer dës Projet och esou séier wéi méiglech wäerten ëmsetzen. Dofir hoffen ech, dass d'Madamm Minister eis och schnellstméiglech kann en Datum soen, wéini mer wäerten an de Genoss komme vum DAB+ hei am Land.

Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Polidori. An dann ass et um Här Wagner.

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Merci, Här President. Jo, ass et eng grouss Moderniséierung? Ech weess et net. Et ass vläch e bësse esou, wéi wann ee géif soen: „Voilà, elo klamme mir ëm vum Telegraf op den Telefon“, mee Internet gëtt et schonn.

(Hilarité)

Well dat ass jo och e bësse dat, wat d'ALIA seet. Si seet, a ville Länner ass dee Modell jo schonn obsoleet an et gëtt nach aner Modeller wéi radioplayer. Iu et cetera. Dat heescht, mir musse vläch eisen Enthusiasmus, wat déi Moderniséierung ugeet, e bësse bremsen.

Anersäits – an dat gouf jo och scho gesot vun den Häre Bausch a Polidori, zu Recht – gëtt et eng reell Gefor, dass duerno aner, méi kleng Radioen, déi dee Changement finanziell net kënnen droen, do ënnert d'Rieder kommen. Dat gëtt wierklech befiercht, well zurzäit gëtt et jo e Monopol. Dat ass BCE-RTL. Déi hunn dat an esou weider, mee déi aner hunn dat net. Et gouf gesot: „Jo, mir wäerte spéider kucken, dass och déi méi kleng Lokalradioen net vergiess ginn.“ Mir vertrauen zurzäit dem Meedieministère net onbedéngt an dëser Hisiicht. Mir kruten e puermol schlecht Beispiller vum Meedieministère, dass en net onbedéngt vill Verständnis weist par rapport zu méi klengen Meedien an haaptsächlech fir grouss Meedie schafft.

Dofir wäerte mir eis enthalten.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Wagner.

Dann ass d'Wuert elo fir d'Regierung.

**Prise de position du Gouvernement**

**Mme Elisabeth Margue**, Ministère déléguée auprès du Premier ministre, chargée des Médias et de la Connectivité | Villmools merci. Fir d'éischt géif ech och an dësem Fall dem Rapportier, dem Här Guy Arendt, Merci soen, well e mer och erëm erlaabt, relativ kuerz ze sinn. An ech géif och deene meeschten Intervenante Merci soen – also hinnen all Merci soen, an deene fir d'Zoustëmmung, déi se prett sinn ze ginn.

Ech mengen, et ass eng kloer Evolutioun an et wäert eis et erlaben, méi Radiosenderen ze hunn an och eng besser Qualitéit. An et ass effektiv d'Fro vun der Technologie, mee et ass esou, dass säit 2021 dat och e Standard ass op europäeschem Niveau an den



Autoen, deen d'Autoe mussen hunn, soudatt ech mengen, datt mer och kee Choix hunn, wéi dee Wee hei ze goen. Eis Nopeschlänner sinn och amgaangen, nach weider ausbauen, weider Multiplexe vum DAB+ en place ze setzen, soudatt dat fir mech definitiv e Wee ass, dee mer sollte goen.

Dir hat d'Fro vun der Timeline ugeschwat. Ech kann Iech kee konkreeten Datum ginn, mee et geet elo am Fong an dräi Etappen. Dat Éischt ass, wéi gesot, den Appell fir den Operateur fir de Multiplex. Dee kann elo lancéiert ginn, soubal dat hei Gesetz gestëmmt ass. An do ass och scho Viraarbecht geleescht ginn. Dat heescht, ech hoffen, datt dat ka relativ schnell goen. Dat Zweet ass dann den Appell fir d'Servicer fir op de Multiplex. An am Ufank vum nächste Joer gëtt dann och den Appell lancéiert fir den zweete Multiplex.

Dir hat an deem Sënn och d'Fro gestallt vun de Lokalradioen. An do hat déi viregt Regierung jo och schon an hirer Feuille de route kloer en Engagement geholl, fir eng strukturell Hëllef en place ze setze fir déi Lokalradioen. An an deem Sënn si mer a Kontakt mat dem Daachverband vun de Lokalradioen, fir, wéi gesot, ze kucken, wéi een dat ka maachen.

A fir nach Är Fro par rapport zum Ofschalt vum FM ze beäntweren: Do ass kee fixen Datum virgesinn. Dat hänkt da vun de Programmer of. Mee dee Ball läit da bei hinnen.

Voilà, ech géif Iech villmools Merci soe fir d'Ënnerstëtzung an ech freeë mech, wann den DAB+ da ka Realitéit ginn.

**M. Claude Wiseler, Président** | Merci, Madamm Minister. Domat ass d'Debatt ofgeschloss.

An da komme mer zur Ofstëmmung vun dësem Text, dem Projet de loi 8204. Den Text steet am Document parlementaire 8204<sup>7</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 8204 et dispense du second vote constitutionnel**

Ech maachen de Vott op. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 58 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmmen an 2 Abstentionen. Dëse Projet de loi ass also ugeholl mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Abstentionen.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen (par Mme Stéphanie Weydert), Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies (par M. Laurent Mosar), Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. Gusty Graas), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schockmel (par Mme Barbara Agostino);*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten (par M. Georges Engel), Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert (par M. Mars Di Bartolomeo);*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig;*

*MM. François Bausch, Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring;*

*MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori.*

*Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

### **11. 8205 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 30 mai 2005 portant organisation de la gestion des ondes radioélectriques**

An da komme mer zum nächste Punkt vun eiseem Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi 8205, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Gestioun vun de Funkwellen. D'Riedezeit ass nom Basismodell festgелеucht. Dir kennt déi Riedezeiten. Et hu sech schon ageschrieben: den Här Luc Emering, d'Madamm Francine Closener, den Här Tom Weidig, den Här François Bausch, den Här Ben Polidori an den Här David Wagner. An dann huet déi honorabel Rapporteuse, d'Madamm Weydert, d'Wuert. Madamm Weydert.

#### **Rapport de la Commission des Médias et des Communications**

**Mme Stéphanie Weydert** (CSV), rapporteuse | Villmools merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Gesetzesprojet 8205 gesäit vir, d'Gesetz vum 30. Mee 2005 iwwert d'Organisatioun vun der Verwaltung vun de Funkwellen ze verbesseren an d'Benotze vu Stéiersenderen ze reguléieren respektiv ze iwwerwaachen. Et geet hei ëm e ganz technesch Gesetzprojet.

D'Ännerung vum Gesetz iwwert d'Organisatioun vun der Verwaltung vun de Funkwellen ass duerch d'Gesetz vum 17. Dezember 2021 iwwert d'elektronesch Kommunikationsnetzer a -servicer noutwendeg ginn. D'Gesetz vum 2021 schafft en harmoniséierten europäesche Kader fir d'Attributioun vu Funkfrequenzen. Dat geschitt natierlech ëmmer am Aklang mat den Ziler a Grondsätz vun der Europäescher Unioun a bréngt och mat sech, datt d'Investisseuren eng gewësse Previsibilitéit hunn, fir kënnen an drotlos Héichgeschwindegkeetskommunikationsnetzer oder -dëngschter ze investéieren.

An deem Kontext wëll ee mat dësen Ännerungen och eng ugemosses gesetzlech Äntwert ginn, déi et erméiglecht, dat net konformt, net autoriséiert oder geféierlecht Notze vun Apparater wéi Dronen oder illegale Stéiersenderen ze stoppen. Dëst kennt an eiseem alldeegleche Liewen nämlech ëmmer méi heefeg vir.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer, kuerz op déi wichtegst Artikelen aus dësem Gesetzesprojet anzugeen. Den éischten Artikel definéiert de genaue Champ d'application vum Gesetz vum 30. Mee 2005 als Loi générale betreffend d'Verwaltung vu Funkwellen. An donieft gëtt et déi Loi spéciale, dat Gesetz vum 2021, wourop ech virdru scho verwisen hat.

Well d'Funkwelle rar Ressourcë sinn, ënnerläit d'Benotzen an d'Verwaltung dem Staat, deen Drëtte kann eng Autorisatioun ginn, Funkwellen ze benotzen. De Gesetzesprojet preziséiert, datt eventuell nach zousätzlech Autorisatiounen an Agremente fir d'Notze vun de Funkwellen duerch Drëtter ënner anere Gesetzter néideg kënnen sinn. Hei geet et zum Beispill ëm d'Geneemegungen, déi entweeder am Kader vum Gesetz iwwert d'Raumfaartaktivitéiten, am Kader vun effentlechen Enquëten zu Kommododer Inkomodoprozeduren oder am Kader vun der

Funkzouloosung, zousätzlech zur staatlecher Geneemegung, fir d'Benotzen erfuerdert sinn.

Fir den deegleche Fonctionnement vun den administrativen Prozesser an dëser Matière ze optimiséieren, gëtt den Institut luxembourgeois de régulation, kuerz den ILR, elo zoustänneg fir d'Vergi vu Lizenze fir Funkkipmenter u Bord vu Schëffer an un Amateur-funker.

Den neien Artikel 3bis vum Gesetz bréngt déi substaanzellst Ännerung vum Gesetz vum 2005 mat sech. Dësen neien Artikel gesäit e strikten a prezise Kader vir fir d'Benotze vun Apparater, déi Funkfrequenzen ausstralen an dobäi aner Ekipementer oder Apparater stéieren kënnen. De Prinzip ass a bleift, datt d'Benotze vu fixen oder mobille Stéierapparater um Territoire vum Grand-Duché oder u Bord vu Schëffer, Booten, Fluggeräater oder anere Supporten, déi dem Lëtzebuerger Recht ënnerleien, verbueden ass.

Wou et e Prinzip gëtt, gëtt et natierlech och Ausnahmen. Dës sougenannte Stéierapparater dierfen nëmmen ënner verschiddenen Ëmstänn, wéi d'effentlech Uerdnung, d'Defense, d'national Sécherheet oder den effentlechen Dëngscht vun der Justiz, ënner strenge Kritären a vu bestëmmte Verwaltungen an Etablissementer benotzt ginn. Dës sinn d'Militär, d'Police, de Geheimdëngscht souwéi d'Prisonsverwaltung am Kader vun hire gesetzlechen Aufgaben. D'Benotze vun dësen Apparater muss zäitlech, raimlech an op bestëmmte Frequenze begrenzt sinn an och am Virfeld beim ILR gemellt ginn. Berechtegt Entitéite mussen Kontrollmoossnamen un hiren Apparater duerch den ILR zouloossen an och e Regëster iwwert d'Benotze féieren.

Den ILR muss dann och den zoustännegen Ministère informéieren, an am Fall, wou e Risiko fir d'Sécherheet besteet oder d'Sécherheet vun der ziviller Luftfaart impaktéiert gëtt, muss och d'Direktioun vun der ziviller Luftfaart informéiert ginn.

Den Zweck heivun ass et, wierklech e legale Kader ze schaffen, an deem déi concernéiert Verwaltungen an Etablissementer sporadesch d'Méiglechkeet kréien, op Stéierapparater zréckzegräifen, fir esou am Noutfall direkt an effikass kënnen ze handelen. Initial hat de Gesetzesprojet och virgesinn, datt ee just misst dem ILR eng Notifikatioun maachen, wann een iwwer e gewëssenen Zäitraum dëse Stéierapparat géing notzen, mee do huet de Staatsrot bemängelt, datt doduerch ganz vill Notzunge vu Stéierapparater net misst gemellt ginn an esou e potenzielle Sécherheitsproblem géingen duerstellen. Dofir gesäit de Gesetzesprojet a senger aktueller Versioun vir, datt all Notzung vun engem Stéierapparat am Virfeld muss beim ILR gemellt ginn, egal wéi laang een deen da benotzt.

Des Weidere gëtt de Gesetzesprojet dem ILR d'Méiglechkeet, fir d'Modalitéite fir d'Prozedur vun der Collecte vun de Lizenzkäschte festzeleeën.

Zu gudder Lescht wëll ech nach eemol kuerz op d'Prozedur an déi verschidden Avisen agoen. De Gesetzesprojet gouf de 24. Abrëll d'lescht Joer an der Chamber deposéiert.

D'Direction de l'aviation civile huet hiren Avis den 12. Juli 2023 ofginn an hieft an dësem virun allem ervir, datt beim Benotze vun Apparater, déi Stéiersignaler aussenden, Upassungen mussen gemaach ginn, fir d'Sécherheet an de Schutz vun de Luftfaartaktivitéiten ze verstärken. Ënner anere ass si der Meenung, datt si 28 Deeg virum Benotze vun esou Apparater mussen informéiert ginn, datt een e Plang fir den optimale Oflaf mat hinne beschwätze muss an datt d'Konsequenzen mussen ofgeschat ginn.